pétange
MOTIVATION COMMUNE

Här Jean-Pierre ECKER
Gemengeconseiller

16, Chemin de Brouck

L-4808 RODANGE

Referenz :2024.59921.SECR

Péiteng, den 1. März 2024

**Betreff: Är Froe vum 1. Februar 2024**
(Den Dossier gëtt beaarbecht vum Guy Wagner -Tel. : 50 12 51 – 2013)

Här Jean-Pierre Ecker,

An ärer Fro vum 1. Februar 2024, déi der Gemengeverwaltung per Email den 1. Februar 2024 zougestallt gouf, stellt Dir dem Schäfferot folgend Froen :

*Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schäfferot,*

*Awunner vu Rodange hu mech informéiert, dass erëm Mängel tëschent dem Parhaus an der Kierch am klengen Haff opgetruede sinn. De Pavé ass erëm iwwerall labber. Dëse gouf eréischt am November vun der Gemeng reparéiert a weist elo leider schonn erëm sou vill Mängel op.*

*An deem Zesummenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilt ech iech folgend Froe stellen:*
*1. Wéi plangt d'Gemeng, déi Situatioun ze verbesseren?*
*2. Wéi eng Schrëtt goufe vun der Gemeng ënnerholl, fir dofir ze suergen, dass de Pavé net méi esou schnell futti geet?*

*Mat Respekt,*

*Jean-Pierre Ecker*
*Gemengeconseiller*

Hei dem Schäfferot seng Äntwert op är Froen :

Här Ecker,

Mir wëlle kloer drop hiweisen dass et sech hei net ëm “Mängel” handelt, mee dass déi betraffe Pavésteng bewosst duerch friem Manipulatioune lass gemaach ginn. Et ass ëmmer erëm traureg musse festzestellen datt esou Plazen an eiser Gemeng dem Vandalismus zum Opfer falen.

Déi ufalend Reparaturaarbeschte gi vun de Gemengeservicer erleedegt.

Mat frëndleche Gréiss,

De Gemengesekretär, De Buergermeeschter,

Adresse postale: ADMINISTRATION COMMUNALE DE PÉTANGE
b.p. 23 · L-4701 Pétange
ouvert du lundi au vendredi de 8.30 à 11.30 et de 13.30 à 16.30 heures
mercredi nocturne jusqu’à 18.30 heures
Téléphone: 50 12 51-1000
Adresse e-mail: commune@petange.lu
Site Internet: www.petange.lu
N° TVA: LU 102 90 925
N° fiscal: 00005132118